# de Kueb
## LiteraTour zu Beetebuerg

N° 01 / 2019

obeler
fenneng:**beetebuerg:**
huncherung
näerzeng
eis gemeng



**14 DEEG BEETEBUERG – BICHERBUERG**

De Programme
vum LiteraTour
22. Abrëll – 5. Mee

Prix Laurence
D'Finallen mat de
Live-Liesungen

Happy Birthday!
30 Joer
Jugendhaus/MJC

On The Road
Garer Strooss
Sonndes, de 5. Mee

# Inhalt

Préface . . . 3
Editorial . . . 5
Eise Manifestatiounskalenner. . . . 6

De Prix Laurence . . . 9
Interview: Nicolas Calmes, e jonkt Talent. . . . 12
Café littéraire . . . 14

**Programme**
Ouverture - Crémant-Melange - Daniel Wisser & Anouk Mahr . . . 16
Kolja a Galina, wa Kuebe reesen - Dany Gales . . . 18
Concert d'orgue avec Maurice Clement . . . 18
Die Andere, Allen Ernstes, Die verbleibende Zeit - Maryse Krier . . . 19
E Buch am Zuch - Beetebuerger Gare . . . 20
Présentatioun: Anthologie Prix Laurence 2018 . . . 22
Queesch derduerch - E Josy Braun-Owend . . . 23
Les trésors de la bande dessinée - Charles Bauer . . . 24
Vum Himmel - Theater-Première vum Kaleidoskop. . . . 25
The Poetic Voice. . . . 26
Mord op Ordonnance - E kulinaresche Krimi-Owend . . . 26
Erlieft déi jonk Literatur - live! - Déi 2 Finallen vum Prix Laurence . . . 27
Prix spécial MJC, Prix Laurence 5 ans . . . 28
Sympathesch Kauzen - Henri Losch . . . 28
Veräppelt! - Betsy Dentzer . . . 29
Mord an Doudschlag - Jean Schoos & Thomas Schoos . . . 30
La Maison des Jeunes de Bettembourg fête ses 30 ans . . . 31
Giovanni Brancale - Le memorie di una brigandessa. . . . 34
Soirée MJC - Avant que la cloche sonne . . . 34
De "Grénge Mann", de Wiechter vun der Natur! - Lex Gillen . . . 35
The Musicians' Choice - Fanfare HNF . . . 36
On The Road - D'Literatur geet op d'Strooss! . . . 37
RallyteraTour 2019: Crimes, suspens et… amusement . . . 38
Denis Scheck - Literaturkritik(en) . . . 39
Schoulliesungen (net ëffentlech) . . . 40
In memoriam - Georges Hausemer . . . 41

Biblio Take Out . . . 42
LiteraTour - The Collection . . . 42

Les sites. . . . 44
Eis Partner. . . . 46

**Impressum**
Koordinatioun: Service des relations publiques (T 51 80 80 302), Administration communale de Bettembourg /
Iddi, Konzept a Mataarbecht: pit hoerold / Grafik Design: Bakform.lu / Coverfoto: Paulo Lobo / Drock: Imprimerie Ossa /
Tirage: 6500 Stéck / Gedréckt ob recycléierte Pabeier

# Äert Doheem fir d'Liesen



Dëst Fréijoer erliewe mer déi 7. Editioun vum Beetebuerger LiteraTour, e Festival vum Liesen a vun de Sproochen. E Festival, wou d'Buch an d'Auteuren am Mëttelpunkt stinn. Wou een d'Freed um Liesen kann erliewen, wou een sech kann iwwerrasche loossen

Mir hunn eis virun e puer Joer op de Wee gemaach a sinn nach laang net ukomm. All Joer komme nei Iddien dobäi, munch Iddi bléift a gëtt weiderentwéckelt.

**Mir gi weider op eisem literaresche Wee Richtung 2022 wann d'Kultur sech op Esch an eis Regioun invitéiert.**

Och dëst Joer geet d'Literatur de 5. Mee op d'Strooss. A mir wëllen dem LiteraTour an der Garer-Strooss iwwert d'Joer eng Adresse ginn, wou een Bicher kann erliewen a mat Heem huelen.

Mir gi weider op eisem literaresche Wee Richtung 2022, wann d'Kultur sech op Esch an eis Regioun invitéiert. Mir wëllen der Freed um Liesen bei eis en Doheem ginn.

*Au printemps la lecture, les livres et le jeu des mots s'invitent à Bettembourg. Le LiteraTour nous permet de découvrir la richesse de nos langues, de rencontrer les auteurs et de profiter de moments de convivialité.*

*Have a literary springbreak with your friends an neighbours. The Bettembourg LiteraTour offers a fantastic moment to live an and enjoy our diversity.*

E grousse Merci alle Veräiner, Associatiounen a Partner déi lech dëst Joer mat op de LiteraTour huelen.



Laurent Zeimet
Buergermeeschter





## Editorial

# de Kueb

## Deen neie Magazine vum LiteraTour

Aus engem Programmheft gëtt e Magazine.
Méi handlech, méi iwwersiichtlech, méi attraktiv.
Mat enger Hellewull flotten Informatioune méi.
A méi grousse Fotoen.
Datt Dir Iech nach méi op de LiteraTour 2019
(vir)freeë kënnt.

**de Kueb?!** Där hu mir vill :-) Si gehéieren
zënter éiweg zu eiser Stiedchen. Grad wéi mir.
Grad wéi d'Kultur. Si hunn eis all Dag eppes ze soen.
Et bräuch ee just d'Aen opzemaachen
an d'Oueren ze spëtzen.
Wéi beim Liesen a Schreiwen och.
An da gesäit alles anëschters aus wéi virdrun.
Et geheit een en neie Bléck op seng Ëmwelt,
op d'Liewen. Et kënnt een e Schrack weider
op senger Sich no Sënn a Freed.
Um Liewen. Um Liesen. Un der Literatur,
déi vill méi wéi e gudden Zäitverdreif ass!

Dofir ass en och do:
Ären neie LiteraTour-Kueb.
Fir all Bicherwuerm a Bicherkiebchen aus der Gemeng
an där grousser Welt rondrëmmer :-)

Bonne lecture!

An häerzlech wëllkomm um LiteraTour 2019,
wann et nees heescht:
14 Deeg BeeteBuerg - BicherBuerg.

LITERATOUR
GEMENG BEETEBUERG

# Eise Manifestatiounskalenner

**Ouverture vum LiteraTour:**
**Crémant-Melange**
**Daniel Wisser & Anouk Mahr**
**22. Abrëll** - 11 Auer - Café littéraire

---

**Kolja a Galina, wa Kuebe reesen**
**Dany Gales & Co**
**22. Abrëll** - 16 Auer - Café littéraire

---

**Concert d'orgue**
**Maurice Clement**
**22. Abrëll** - 17 Auer - Église de Bettembourg

---

**Die Andere, Allen Ernstes,**
**Die verbleibende Zeit**
**Maryse Krier**
**22. Abrëll** - 20 Auer - Café littéraire

---

**E Buch am Zuch**
**Cie Théâtre A Dire**
**23. Abrëll** - 06.30-09.00 Auer - Gare Beetebuerg

---

**Présentatioun: Anthologie**
**Prix Laurence 2018**
**23. Abrëll** - 18.00 Auer - Librairie Ernster/Knuedler

---

**Queesch derduerch**
**E Josy Braun-Owend**
**23. Abrëll** - 20 Auer - Café littéraire

---

**Les trésors de la bande dessinée**
**Charles Bauer**
**24. Abrëll** - Vernissage 18.30 Auer - Galerie Maggy Stein

---

**Vum Himmel**
**Theater-Première vum Kaleidoskop**
**24. Abrëll** - 20. Auer - Beetebuerger Schlass

---

**The Poetic Voice**
**LiteraTour Meets Music & More**
**26. Abrëll** - 19 Auer - Beetebuerger Schlass

---

**Mord op Ordonnance**
**E gastromäerderesche Krimi-Owend**
**26. + 27. Abrëll** - 18.30 Auer - Beetebuerger Sportshal

---

**Erlieft déi jonk Literatur - live!**
**Déi 2 Finallen vum Prix Laurence 2019**
**27. + 28. Abrëll** - 14.30 Auer - Café littéraire

---

**Sympathesch Kauzen**
**Henri Losch**
**27. Abrëll** - 16 Auer - Foyer Ste. Elisabeth

---

**Veräppelt!**
**Betsy Dentzer**
**28. Abrëll** - 14.30-16.30 Auer - Bongert Altenhoven

---

**Mord an Doudschlag**
**Jean Schoos & Thomas Schoos**
**29. Abrëll** - 20 Auer - Café littéraire

---

**La Maison des Jeunes de Bettembourg**
**fête ses 30 ans**
**30. Abrëll** - 17-24 Auer - Outdoor & Café littéraire

---

**Le memorie di una brigandessa**
**Giovanni Brancale**
**2. Mee** - 19 Auer - Galerie d'art Maggy Stein

---

**Soirée MJC**
**Avant que la cloche sonne**
**3. Mee** - 20.30 Auer - Café littéraire

---

**De „Grénge Mann“**
**Lex Gillen**
**4. Mee** - 14 Auer - Ditchesweier, Beetebuerger Bësch

---

**Fanfare HNF**
**The Musicians' Choice**
**4. Mee** - 20 Auer - Beetebuerger Schlass

---

**On The Road**
**D'Literatur geet op d'Strooss!**
**5. Mee** - 12-20 Auer - Garer Strooss

---

**RallyteraTour 2019:**
**Crimes, suspens et… amusement**
**5. Mee** - 13-18 Auer - Garer Strooss

---

**Denis Scheck**
**Literaturkritik(en)**
**5. Mee** - 19 Auer - Beetebuerger Schlass

---

**Schoulliesungen**
**Net ëffentlech**
Op verschidden Deeg an de Schoulen




Read: The Raven

**Entrée des... auteurs**


MARGUERITE DURAS



# De Prix Laurence
# E Sprangbriet fir eis jonk Literatur

**Jo, et gëtt nach geschriwwen!**
**Vill a gutt.**

Neen, net nëmmen SMSën, mailen oder all Minutt e Message op engem vun deene sëllechen soziale Medien.

Déi jonk Auteuren sinn dee liewege Beweis dofir. Hir Texter si kee Geplänkels, kee small talk, kee Party-Geflunkers. Mee schonn e schéint Stéck Literatur.

**Please, kee rosaroude Bréll. Keng «Photoshop» Literatur. Mee eng Literatur, déi lieweg, sprëtzeg, aktuell ass.**

Si hunn en Uleies, dat si mat vill know how, Fantasi an deem richtege Gefill fir d'Sprooch eriwwer bréngen, a Prosa a Poesie, an dem Alter no, méi verdreemt, méi *fantasy*méisseg oder méi mat engem Fouss um Buedem an deem aneren an der Lut. An heiansdo bléist och méi e räue Wand - wann d'Réalitéit un d'Dier geklappt huet.

Si spieren eis Zäit, wëssen dacks, wou de Schong dréckt, stelle Froen. Trauen sech. Wëssen, op wat et ukënnt. Datt déi virtuell Welt just de Schiet vun där reeller ass.

An datt et och beim Liesen a Schreiwen wéi beim Picknick ass: et huet ee, wat ee matbréngt. Wat méi, wat besser. An dat kann een (och) mat deenen aneren deelen.

En Text kann en Tiger sinn. E Wuert eleng och. Wa se net op «political correctness» dresséiert goufen. E Panther, deen endlech aus dem Käfeg danzt. Hops, e Mops. En Haifësch, wann en Zänn am Gesiicht huet. Eng Rous. Wa s'och Dären huet. Eng häerzallerbeschten Daifchen... oder eng Dauf. Wa s'en Aascht am Schniewel huet.

A wann ee gär mat der Sprooch, mat Form an Inhalt spillt. An et eescht mat der Literatur mengt.

Wat mir ëmmer méi bräuchen, ass eng originell, authentesch Literatur, déi de Fanger op d'Wonne vun eisem Liewen am allgemengen leet, hei an iwwer d'Grenzen eräus, an en A op d'Blessen, Téitschen a Rëss an eiser Gesellschaft huet, an där d'Fräiheet an d'Demokratie ëmmer a Gefor sinn, gekippt ze ginn. Dobei dat Schéint, dat et derwäert ass, awer net iwwersi gëtt.

Keng Literatur, déi gefälleg wëllt sinn an dowéinst villes ënnert den Dësch kiert, och well aus der Welt vum Buch e risege Bichermaart gouf, wou de Lieser dacks just nach als Bicher-Konsument ugesi gëtt.

Please, kee rosaroude Bréll. Keng Literatur, déi litt. Keng «Photoshop» Literatur. Mee eng Literatur, déi lieweg, sprëtzeg, aktuell ass, bei där den Auteur seng perséinlech Themen fonnt huet, déi ëm uewe leien, an déi en op seng eege Manéier, mat sengem ganz eegene «Stil» zum Ausdrock bréngt. Och géint de mainstream.

All Respekt, eis jonk Auteuren maachen dat elo schonn ganz gutt, an et däerf ee gespaant sinn, wéi si sech an Zukunft entwécklen.

Dofir ass och, am Cader vum LiteraTour zu Beetebuerg, de Prix Laurence do.

# Chapeau fir eis jonk Literatur!
## 5. Editioun vum Prix Laurence



Mir hunn eng flott, villsäiteg jonk Literatur. Mat Auteuren, op déi mir elo schonn houfreg si kënnen. An déi hire Wee goe wäerten. D'Talent bréngt et.

**370 Auteuren**
**688 Texter**
2015-2019

Dëst Joer ass schonn déi 5. Editioun vum Prix Laurence, dem Jugend-Literatur-Präis fir all jonk Auteuren tëscht 12 a 26 Joer vu Lëtzebuerg an aus der Grouss-Regioun - an alle Sproochen, déi hei geleefeg sinn.

E puer Zuelen: Bei deene 4 éischten Editiounen (2015-2018) hunn am Ganzen 298 Auteuren mat 554 Texter matgemaach! An och dëst Joer krute mir eng Hellewull Texter eran, vill vun Auteuren, déi dës Kéier fir d'éischt derbei sinn.

Erlieft d'Finalisten fir de Prix Laurence bei hire Live-Liesungen, déi vläicht den Ufank vun enger literarescher Carrière sinn. An ënnerstëtzt Är Favoriten, andeems Dir beim Prix du Public matmaacht.

De Jury: Vesna Andonovic, Martine Forty, Christiane Kremer, Jérôme Jaminet, Thomas Schoos a Pit Hoerold.

All d'Auteuren an hir Texter a weider Infos op: **www.prixlaurence.lu**

D'Finalle mat de Live-Liesungen:
- **Samschdeg, den 27. Abrëll** um 14.30 Auer (12 bis 17 Joer)
- **Sonndeg, den 28. Abrëll** um 14.30 Auer (18 bis 26 Joer)

All Kéiers am Café Littéraire, 37, route d'Esch (vis-à-vis vun der Kiercheplaz)

Fräien Entrée.
Klenge Maufel op der Plaz.
Parking: Op der Kiercheplaz oder, am beschten, bei der Gare.

Dir sidd all häerzlech wëllkomm!




## Fir all Bicherwuerm a Bicherwiermchen!
D'Anthologie Prix Laurence 2018

Dëst Joer gëtt d'Gemeng Beetebuerg an Zesummenaarbecht mat den Éditions Binsfeld déi 3. Anthologie vum Prix Laurence eräus. Mat de Finalisten a Laureaten vum 2018.

Hei entdeckt dir 28 jonk Auteuren, déi iech mat hirer Literatur op en Tour duerch hir Welt huelen. An engem apaart flott gemaachte Buch.

Présentatioun um internationalen Dag vum Buch an der Librairie Ernster.

A Präsenz vun deene jonken Auteuren. Dir sidd all häerzlech wëllkomm.

**Dënschdes, den 23. Abrëll**
**um 18.00 Auer**
**an der Librairie Ernster**
**an der Stad - 27, rue du Fossé (Knuedler)**

## The Poetic Voice
LiteraTour
Meets Music
& More

**Programme**

| | |
|---|---|
| 19:00 | Foodtruck |
| 19:00 | Hosting: Nicolas Calmes & Alice Cheung |
| 19:15 | Poetic Voice: Jonk Schrëftsteller stellen sech mat engem rezenten Text engem Jury – den 3 Schrëftsteller Jérôme Jaminet, Thomas Schoos & Nathalie Ronvaux. D'Gewënner däerfe mat engem Jurysmembre zesummeschaffe a ginn eng Zäit vun him begleet |
| 20:15 | Le Vibe - Reggae Band from Luxembourg taking the genre into various directions while always staying faithful to the reggae-vibe |
| 20:40 | Poetic Voice |
| 22:00 | Le Vibe - Part II |
| 22:30 | Auswertung Poetic Voice an Outro |
| 23:00 | Open Stage |

**Freides, de 26. Abrëll**
**um 19.00 Auer**
**Beetebuerger Schlass**

**Fräien Entrée**

# Nicolas Calmes
# E jonkt Talent, dat vill versprécht

Interview: Thomas Schoos
Foto: Tammy Schuh (Tammy Schuh Photography)




De Prix Laurence geet dëst Joer a seng 5. Ronn, insgesamt hu schonn méi wéi 350 jonk Auteure mat iwwert 650 literareschen Texter matgemaach. Nicolas, du gehéiers zu deene Wéinegen, déi bis elo zweemol beim Prix Laurence ausgezeechent gi sinn: eemol mam zweeten, an eemol mam éischte Präis. Säitdem bass du vill an der Beetebuerger Literaturhaaptstad aktiv a stees och beim "Poetic Voice" mat op der Bühn.

**Virun e puer Joer wors du nach en einfache Lycée-Schüler mat enger Loscht fir d'Wuert, sief et an der Musek oder um einfache Blat. Wat huet dech deemols motivéiert, beim Prix Laurence matzemaachen?**

Et ass manner wat an éischter wee mech motivéiert huet. De Steve Differding (Diff fir déi Meescht) ass Éducateur am Schëtter Jugendhaus, och wann hie sech selwer net sou bezeechne géing: *Éducateur* ass him ze autoritär als Wuert. Begleeder, seet hien. Den Diff huet mech begleet, wou hie mer 2016 ee Flyer fir de Prix Laurence gewisen huet a sot: 'Dat kéint dech interesséieren.' Wier et vun egal weem anere komm, hätte meng deemoleg anti-alles-Antennen den Ziedel net weider a Betracht gezunn. Den Diff bleift weiderhin eng wichteg Bezugspersoun. Och wann ech säit geraumer Zäit um Belval wunnen a mech hei doheem fillen, ginn ech regelméisseg an d'Schëtter Jugendhaus moie soen.

**Wéi geess du mat der Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg ëm? A wéi enge Sprooche schreifs a lies du?**

Als Sproochestudent gëtt een sech ëmmer méi bewosst, just wéi komplex an seele vergläichbar d'Situatioun hei am Land ass. Ech schwätzen a liese gären an all eise Sproochen a freeë mech ëmmer, weiderer ze héieren an eventuell ze léieren. Ech mierken awer och, wéi vill Leit hei verschidde Forme vu *glottophobie* vertrieden. Sproochen existéieren net an engem Vakuum. Se si mat Politik, Kultur an Natioun verbonnen. De gudden Nietzsche sot mol, an dat geet mer net méi aus dem Kapp: 'Gut deutsch sein heisst: sich entdeutschen.' Nennt mech Anarchist, mee all Mensch soll maachen an schwätze wéi e wëll, an net dofir veruerdeelt ginn.






**Sproochen existéieren net an engem Vakuum. Se si mat Politik, Kultur an Natioun verbonnen.**

Ech droe säit ménger Kandheet eng kulturell Affinitéit fir Nordamerika, eng *'counter-cultural'* Affinitéit, fir genau ze sinn. Doraus erklärt sech main Output. Géing ech mech lo op meng national Identitéit beschränken, kéint ech mer dat net erlaben.

**Wéi hues du de Präis erliewt? Wat huet et dir bruecht? Wéi eng Léieren hues du draus gezunn?**

De Prix Laurence sinn ech, wéi alles an mengem Liewen, ouni Erwaardungen ugaangen. Ech war méi wéi iwwerascht, mat wéi vill Zouneigung, Respekt an Vertrauen d'Organisatioun, vum Pit Hoerold iwwert de Jérôme Jaminet bis zur Beetebuerger Gemeng, d'Jugendlecher behandelt hunn. Ech hu geléiert, dass aner Leit tatsächlech och u mengen Texter interesséiert kënne sinn. Dat huet vill, ganz vill, geännert.

**Wat steet fir dech als Nächst um Programm? Ech weess du has eng ganz Rei Iddie fir Publikatiounen… wat ass scho färdeg, wat kënnt nach?**

Alles steet op Äis. Ech muss mech am Moment op meng Bacheloraarbescht konzentréieren. Ech hu vill Iddien, mee ech sinn een dee vill schwätzt an net vill mécht. Ech géing léiwer manner schwätzen a méi maachen. Ech wëll de Spiess emdréien.

**Wat sinn deng Pläng fir d'Zukunft? Gesäis du do d'Schreiwen éischter als Beruff oder Hobby?**

Si mer mol éierlech: meng Noten op der Uni sinn an de läschte Joren net wierklech biergop gaangen. Ech mengen net, dass meng Zukunft akademesch ass…

**Wéi eng Roll spillt de Prix Laurence fir déi jonk Läit haut? Et seet een ëmmer, et gi keng Bicher méi gelies a net méi geschriwwen. Trotzdem machen all Joer méi Jonker mat… Wéi gesäis du dat?**

De Prix Laurence ass eng frëndlech an accessibel Platform, fir ee Schrëtt an d'Literaturszen ze maachen. Préjugéen wat d'Jugend ugeet gëtt et schon säit "ëmmer". Ech maache mir keng Suerge méi em d'Zukunft, säit ech déi nei Generatioune vu kreative Käpp kennegeléiert hunn. Wann een sech déi "Méi" mécht, gëtt ee wuel enges bessere beléiert.

**Wat giffs de Kandidaten a Kandidatinnen roden, déi dëst Joer mat un de Start ginn?**

Traut iech! Et gëtt näischt ze verléieren.



# Café littéraire

Ouvert pour la première fois en 2015, le café littéraire est un lieu éphémère et magique. Conçu et aménagé par la Maison des Jeunes et de la Culture de Bettembourg, il a pour ambition d'accueillir des lectures et spectacles pour la durée du LiteraTour dans un espace convivial et hors du temps.

Upcycling, recycling, retro-déco et clin d'œil littéraire forment la base de l'ambiance feutrée de sa décoration.

Le bar, ouvert avant pendant et après les programmations est tenu par une équipe de jeunes de la MJC Bettembourg. Y est proposé une petite restauration préparée « maison ». Nous y privilégions les produits bio et fairtrade.

Nous vous invitons à vous laisser emporter par l'ambiance délicate et chaleureuse du lieu et par les rencontres sympathiques et enrichissantes que vous ne manquerez pas d'y faire.

Bienvenue !

**Café littéraire**
**Rez-de-chaussée**
**Maison des Jeunes**
**37, Route d'Esch**
**L-3230 Bettembourg**

**Entrée gratuite**




## PROGRAMMATION CAFÉ LITTÉRAIRE

| | |
|---|---|
| **LU 22/4** | 11:00 Liesmatinée Crémant-Melange on Tour! mit Daniel Wisser und Anouk Mahr<br><br>16:00 Kannerliesung Kolja a Galina - wa Kuebe reesen mam Dany Gales & Museker<br><br>20:00 Soirée Maryse Krier - Auszüge aus ihren während der letzten Jahre erschienenen Büchern, u.a. Die Andere, Allen Ernstes und Die verbleibende Zeit |
| **MA 23/4** | 20:00 En Owend fir de Josy Braun - « Queesch derduerch » |
| **SA 27/4** | 14:30 Prix Laurence - Finale vum Jugend-Literatur-Präis fir all jonk Talenter 12-17 Joer |
| **DI 28/4** | 14:30 Prix Laurence - Finale vum Jugend-Literatur-Präis fir all jonk Talenter 18-26 Joer |
| **LU 29/4** | 20:00 Mord an Doudschlag - Krimi-Theater mat einfachste Mëttelen Kompanie Schoos & Schoos |
| **MA 30/4** | A partir de 17h00 : La Maison des Jeunes et de la Culture fête son 30e anniversaire |
| **VE 3/5** | 20:30 Avant que la cloche sonne - Soirée théâtre avec la troupe MJC Bettembourg |

## PETITE RESTAURATION

| | |
|---|---|
| - Burger Viande | |
| - Burger Fish | 4,00 € |
| - Burger Vegan | |

**Carte des boissons**

| | |
|---|---|
| - Soda bio fairtrade | 2,00 € |
| - Jus de fruits bio fairtrade | 2,00 € |
| - Eau gazeuse ou plate | 1,50 € |
| - Café ou Thé bio | 2,00 € |
| - Bière locale | 2,50 € |
| - Verre de vin rouge bio fairtrade | 2,50 € |
| - Verre de crémant local | 3,50 € |
| - Bouteille de vin rouge bio fairtrade | 12,00 € |
| - Bouteille de crémant local | 18,00 € |

## OUVERTURE DU CAFÉ

| | |
|---|---|
| Lundi 22 avril : | 16h00 - 23h00 |
| Mardi 23 avril : | 17h00 - 23h00 |
| Samedi 27 avril : | 13h00 - 19h00 |
| Dimanche 28 avril : | 13h00 - 19h00 |
| Lundi 29 avril : | 17h00 - 23h00 |
| Mardi 30 avril : | 20h00 - 01h00 |
| Vendredi 3 mai : | 20h00 - 23h00 |



# Ouverture vum LiteraTour

Et ass esou wäit. Laang genuch gewaart. Haut de moien, op Ouschterméindeg, um 11 Auer, fänkt endlech de LiteraTour 2019 un.

Mat der Liesmatinée *Crémant-Melange* am Café littéraire. A mëttes an owes och mat engem flotte Lies-Programme. Däerft Dir net verpassen. Grad wéi all eis aner literaresch Manifestatiounen och.

Häerzlech wëllkomm!

Liesmatinée

## Crémant-Melange

Die Österreichische Botschaft in Luxemburg, die Éditions Guy Binsfeld & die LiteraTour Bettembourg präsentieren die vierzehnte Liesmatinée unter dem Motto: **Ausgezeichnet!**

Die Lesung wird von Schülern der regionalen Musikschule Bettembourg musikalisch umrahmt:
Malo Willems, Lucie Dai, Selma Dautbasic,
Müllesch Amélie spielen:
Charles Dancla: Aus dem Streichquartett Nr. 2 op. 208
- Moderato cantabile -
Arrangement von Michael Radanovics: Scarborough Fair
Georg Friedrich Händel: Bourrée

**Ouschterméindeg**
**22. Abrëll um 11.00 Auer**
**Café littéraire**

**Fräien Entrée**
**Umeldung bis de 17. Abrëll:**
**luxemburg-ob@bmeia.gv.at**
**oder Tel.: 47 11 88**





© Anke Waelischmiller - Fotoagentur Sven Simon

## DANIEL WISSER

### Königin der Berge

Das Buch ist im Salzburgischen Verlag Jung & Jung 2018 erschienen und hat den österreichischen Buchpreis 2018 und den Johann-Beer-Preis 2018 erhalten.

Ist der Tod ein Menschenfreund?

Herr Turin würde diese Frage eindeutig bejahen. Mit Mitte vierzig lebt er in einem Pflegeheim und schaut nicht nur einem Dutzend Krankenschwestern gelassen ins Auge, sondern auch dem eigenen Ableben. Herr Turin hat Multiple Sklerose im letzten Stadium, trinkt gerne Grünen Veltliner, aber noch lieber wäre er tot. Daniel Wisser schreibt das in herzergreifend trockener Prosa hin.

Was sein Buch dabei wirklich gross macht, ist eine existenzielle Umkehrung. Absurd ist nicht der Tod, sondern das Leben da draussen.

## ANOUK MAHR

### Lautlos

**„Lautlos“ ist der Debutroman der luxemburgischen Jungautorin Anouk Mahr. 2015-2017 war sie bereits unter den Finalisten des „Prix Laurence“.**

Lucinda hat totalen Mutismus und Angststörungen. In der Hoffnung auf Heilung ziehen ihre Eltern mit ihr in eine andere Stadt, und sie besucht zum ersten Mal seit Jahren eine öffentliche Schule, ein inklusives Internat. Neben ihren Therapiestunden wird ihre Heilung maßgeblich durch die Mithilfe auf einem lokalen Gnadenhof für Pferde vorangetrieben.

Nach anfänglicher Schüchternheit darf sie dann auch die Pflege des frisch erblindeten Hengstes Miracle übernehmen, und die beiden entwickeln sich zusammen weiter.

Durch den ganzen Roman ziehen sich auch Bruchstücke einer Erinnerung an Lucys Kindheit. Ein Brand, bei dem ihre richtigen Eltern ums Leben kamen und für den sie sich verantwortlich fühlt. Dieses unterdrückte Schuldgefühl entpuppt sich dann auch als der Grund für ihr Schweigen.



# Kolja a Galina, wa Kuebe reesen

Erzielung a Gesang: Dany Gales

*Musikalesch Liesung mat Masken*

Déi zwee Kueben, Kolja a Galina, liewen a Russland. Well et hinnen do am Wanter ze kal ass, maachen se sech op d'Rees… Ënnerwee begéine si villen aneren Déieren a froen déi, wat si am Wanter man,fir net ze fréieren. Déi zwee Kuebe kréien allerhand Äntwerten!

D'Kanner gi matt an de Spektakel abezunn, andeems si kënne matsangen, Geräischer maachen, e Rhythmus klappen …

Loosst Iech iwwerraschen a kommt mat de Kueben op d'Rees …

Musikalesch Begleedung:
- Perkussioun: Carmen Wurth
- Cello: Martin Fusenig
- Kontrabass: Mark Demuth

**Ouschterméindeg**
**22. Abrëll um 16.00 Auer**
**Café littéraire**

**Fräien Entrée**



# Concert d'orgue avec Maurice Clement

*Organisé par la Chorale Sainte-Cécile Bettembourg*

Avec entre autres une improvisation sur le texte *Gischt* de *Lukas Grevis*, finaliste du Prix Laurence 2018, concours littéraire pour jeunes auteurs.

Maurice Clement, lauréat du Concours International Gottfried Silbermann dédié à l'œuvre d'orgue de J.S. Bach, trouve la maîtrise de son instrument en se situant dans un dialogue permanent avec ce dernier.

La musique n'étant pas un art standardisé, mais une manifestation élémentaire de la vie humaine, il s'efforce à transmettre par la musique sa foi dans le vrai et le beau.

Ses interprétations cherchent à allier la forme et la matière musicale, l'esprit et la sensibilité, la pensée et la passion.

**Lundi de Pâques**
**22 avril à 17h00**
**Église paroissiale de Bettembourg**

**Entrée gratuite**



# Die Andere – Allen Ernstes – Die verbleibende Zeit

Maryse Krier liest Auszüge aus ihren während der letzten Jahre erschienenen Büchern

**Ouschterméindeg 22. Abrëll um 20.00 Auer Café littéraire**

**Simultane Übersetzung in die Gebärdensprache**

**Klenge Maufel op der Plaz Fräien Entrée**

**Die Andere**

Eine Frau mit Namen Laura Wegener beobachtet in einem Kleidergeschäft eine Unbekannte, die sofort eine große Anziehungskraft auf sie ausübt. Als die Fremde das Geschäft verlässt, geht Laura Wegener ihr nach, findet heraus, wo sie wohnt und liest auf dem Briefkasten ihren Namen: Manuela Herrmann.

Was wie ein Kriminalroman beginnt, nimmt zunehmend einen anderen Verlauf, als der Leser/die Leserin es sich erwartet hat.

**Allen Ernstes**

In den in diesem Buch enthaltenen satirischen Kurzgeschichten werden die Neurosen und Marotten der Figuren, die darin vorkommen, auf eine humorvolle, aber manchmal auch bissige Art skizziert und seziert.

**Die verbleibende Zeit**

In „Die verbleibende Zeit" wird, wie Germaine Goetzinger im „Luxemburger Literaturlexikon" schreibt, „das emotional schmerzhafte Erleben" der an Krebs erkrankten Sara Hartmann geschildert. Die Diagnose Leukämie stellt ihr bisheriges Leben auf den Kopf, nichts ist mehr, wie es war, und im Verlauf des Geschehens wird Sara sich bewusst, dass es gilt, die ihr verbleibende Zeit sinnvoll zu nutzen.

*In Zusammenarbeit mit dem service à l'égalité des chances*



INTER-
NATIONALEN
DAG VUM
BUCH!

# E Buch am Zuch

## *A … Gare à la Littérature … :-)*

Eemol méi ass et derwäert, den Zuch ze huelen!

Och dëst Joer verdeele mir, um Weltdag vum Buch, op der Beetebuerger Gare, dat beléifte *Buch am Zuch*, dat a kenger Sammlung vu Luxemburgensia feelen däerf.

An nieft dem Buch, vrum oder nom Zuch, och e Kaffi an e Stéck… Kuch, oder op d'mannst awer e klengt Gebäcks.

A wann Dir wëllt, liese mir Iech gär en Text vir - an Dir kënnt och selwer ee virliesen.

Dësen äussergewéinleche literaresche Moien gëtt am Zuch an och op eiser Gare mat Live-Liesungen vum Ensemble *Cie Théâtre A DIRE* vun Thionville (Diddenhuewen) animéiert.

À ne pas manquer!

**Dënschdes, 23. Abrëll**
**vun 06.30 bis 09.00 Auer**
**op der Beetebuerger Gare**





## Voyage en Mots, dans le cadre de l'action « E Buch am Zuch »

La Commune de Bettembourg, ensemble avec la Maison des Jeunes et de la Culture et la *Cie Théâtre A DIRE*, propose d'accompagner dans leur périple les voyageurs qui effectuent l'aller Bettembourg-Luxembourg ville, tôt le matin, le mardi 23 avril 2019, depuis la gare de Bettembourg jusqu'à celle de Luxembourg ville.

Les textes choisis appartiendront au domaine théâtral, poétique et romanesque. Ils inviteront aussi bien à rêver que sourire et rire : scènes de couples, rencontres, disputes.

Au départ de Bettembourg, une équipe de 4 à 5 comédiens investira donc plusieurs wagons, tandis qu'une autre équipe, de 4 à 5 autres comédiens également, se tiendra dans la gare de Bettembourg. Les voyageurs pourront apprécier d'abord un chant, donné a cappella, puis des saynètes issues de la commedia dell'arte. Les comédiens occuperont différents endroits de la gare, afin d'investir le plus possible ce lieu et de toucher le plus grand nombre de voyageurs, de les faire s'arrêter quelques minutes occupées à sourire et rire, avant de rejoindre leurs lieux de travail.





**Mardi, 23 avril**
**de 06h30 à 09h00**
**à la Gare de Bettembourg**

Crédit photos : Joseph PITOIS




# Présentatioun vun der Anthologie Prix Laurence 2018

Dëst Joer gëtt d'Gemeng Beetebuerg an Zesummenaarbecht mat den Éditions Binsfeld déi 3. Anthologie vum Prix Laurence eräus. Mat de Finalisten a Laureaten vum 2018.

Hei entdeckt dir 28 jonk Auteuren, déi iech mat hirer Literatur op en Tour duerch hir Welt huelen.

An engem apaart flott gemaachte Buch.


Présentatioun um internationalen Dag vum Buch an der Librairie Ernster.

A Präsenz vun deene jonken Auteuren.

Dir sidd all häerzlech wëllkomm.





**Dënschdes, den 23. Abrëll**
**um 18.00 Auer**
**an der Librairie Ernster**
**an der Stad - 27, rue du Fossé (Knuedler)**




© Li Chongbin

# Queesch derduerch
## En Owend fir de Josy Braun (1938-2012)

Journalist, Kabarettist, Linguist, Schrëftsteller *an (och) Beetebuerger*




De Josy Braun war ee vun de villsäitegste Lëtzebuerger Auteuren an huet e räicht Wierk hannerlooss: Romaner, Kannerbicher, Theaterstécker, Cabaretsprogrammer, Gedichter an Héierspiller.

Wéi aktuell vill vu senge Schrëften haut nach ëmmer sinn, weist e literareschen Owend mat Lidder an Texter, Erënnerungen an Erzielungen.

Mat: Monique Melsen, Josée Klincker, Christiane Kremer, Roland Gelhausen a Gérard Bintener.

**Dënschdes, den 23. Abrëll**
**um 20.00 Auer**
**Café littéraire**

**Klenge Maufel op der Plaz**
**Fräien Entrée**




© Alex Kloos

# Les trésors de la bande dessinée

Charles Bauer, collectionneur

Alles huet beim Charel Bauer (1953 am Rollengergronn gebuer) ugefaang, wei hien sengem Papp seng Sammlung vu Bandes Dessinéeën, vun 1934 un, um Späicher entdeckt huet.

Et war eng grouss Freed, an de Charel huet dono seng Passioun entwéckelt, fir weider ze sammelen. An déi ass him bis haut erhale bliwwen.

Seng Sammlung ass ëmmer méi grouss ginn. Am Laf vu 60 Joer, duerch Frënn a Bekannten, déi dem Charel alles zougespillt hunn, wat si esou fonnt hunn.

An och duerch d'Famill. An de 70er Joren ass de Charel op Festivaller an d'Ausland gaang, fir do seng Collectioun ze komplettéieren - déi huet net nëmmen u Quantitéit, mee och u Qualitéit zougeholl.

An et ass och net just bei de Bicher bliwwen. Et koumen nach Büsten, Mannequinen an villes méi derbei. Haut ass de Charel Bauer net nëmme Collectionneur, hien ass och ganz kreativ a mécht all seng Maquetten selwer. Zënter 1994 ass hie mat sengem Material e wichtegen Deel vum «Festival de la Bande dessinée» zu Contern. Fir de 25. Anniversaire vun deem Festival huet de Charel seng eegen Ausstellung krut. Haut ass hie frou hei zu Beetebuerg, an der Galerie Maggy Stein, seng Wierker ausstellen ze kënnen. Am Kader vum Festival LiteraTour.

**Vernissage**
**Mercredi, 24 avril à 18h30**
**Galerie d'art Maggy Stein**
**13, rue du château**
**L-3217 Bettembourg**

**Heures d'ouverture**
**25 avril – 5 mai de 14h00 à 18h00**

**Visite guidée le 5 mai à 15h00**
**inscription souhaitée :**
**rp@bettembourg.lu, 51 80 80 899**



# Vum Himmel

Kreatioun vum Originaltext op Lëtzebuergesch: Tulio Forgiarini
Regie: Jean-Paul Maes
Technik: Roland Jakobi
mat: Luc Lamesch / Timo Wagner / Rosalie Maes / Elena Spautz

**Produktioun: Kaleidoskop**

De Julien traut séngen Aë net, wéi hien am séngem Living eng Fraëläich fënnt.


